

**Fondation  
Servais pour  
la littérature  
luxembourgeoise**

# **Prix Servais 2017** **Nora Wagener**



**PRIX SERVAIS**  
LUXEMBOURGEOISE  
POUR LA LITTÉRATURE  
**FONDATION SERVAIS**

---

*26e plaquette commémorative, éditée par la Fondation Servais  
pour la littérature luxembourgeoise*

*Photos : Jean Meder; [www.jean.meder.lu](http://www.jean.meder.lu)*



*La Fondation Servais pour la littérature luxembourgeoise jouit du soutien  
financier de l'Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte*

*ISSN 2418-4381*

**Remise du Prix Servais 2017  
à Madame Nora Wagener  
4 juillet 2017  
Centre national de littérature  
Mersch**

**Prix d'Encouragement de la Fondation Servais  
à Madame Anita Gretsch**

**Mersch : Fondation Servais 2018**



# Sommaire

La Fondation Servais et ses deux Prix littéraires	5
Germaine GOETZINGER, Presidentin vun der Fondation Servais Et gesäit gutt aus fir d'Zukunft vun der Lëtzebuenger Literatur	9
Jeanne E. GLESENER, Presidentin vum Jury vum Servais-Präis Argumentaire du Jury	13
Guy ARENDT, Kulturstaatssekretär Net nëmmen eng national Unerkennung	15
<b>Prix Servais</b>	
Ian DE TOFFOLI Déi wichtegst Fro, déi sech fir mech an der Literatur stellt ass déi: wéi ass dat do gemaach?	19
Nora WAGENER Kären, Kaddoen a rout Bäckelcher	25
Nora WAGENER, Tochter Gohde (inédit)	29
Nora WAGENER, Kurzbio	34
<b>Prix d'Encouragement de la Fondation Servais</b>	
Nathalie RONVAUX Des textes sans complaisance, d'une force poétique puissante	37
Anita GRETSCH Une bâtardise revendiquée et une bâtardise récompensée	41
Anita GRETSCH Extrait de « L'œil grand fermé » (manuscrit d'un roman)	43
Le Jury pour l'attribution du Prix Servais 2017	49
Le Conseil d'administration de la Fondation Servais en 2017	49
Les publications de la Fondation Servais	51

*L'encadrement musical de la remise des prix a été assuré par Mme Marie-Christiane NISHIMWE, soprane, accompagnée au piano par M. Marc MANGEN.*



# La Fondation Servais et ses deux Prix littéraires

La Fondation Servais pour la littérature luxembourgeoise est née d'une initiative privée, fondée sur un legs de Madame Jeanne SERVAIS (décédée en 1985) dont la maison natale à Mersch, devenue propriété de l'Etat et siège de la Fondation, abrite le Centre national de littérature.

La Fondation a été créée le 1<sup>er</sup> juin 1989 par les onze membres fondateurs réunis au sein du premier Conseil d'administration. Il s'agissait de Madame Liliane THORN-PETIT, de Messieurs Frank BADEN, Pierre HAMER, Edmond ISRAEL (président), Mars KLEIN, Robert KRIEPS, Guy LINSTER, Cornel MEIDER, Roger NOTHAR, Jacques SANTER et Manou SERVAIS.

La Fondation Servais a pour objet d'œuvrer pour la promotion de la littérature luxembourgeoise, en soutenant la recherche littéraire et sa publication, en initiant des colloques sur la littérature et en propageant de façon générale la connaissance de la littérature.

La Fondation Servais a créé deux Prix littéraires.

## 1. Le «Prix Servais»

Afin de promouvoir la production littéraire contemporaine, le Conseil d'administration décerne depuis 1992 le « PRIX SERVAIS ». Ce prix récompense l'œuvre littéraire la plus significative parue au cours de l'année écoulée. Par œuvre littéraire, on entend un ouvrage considéré dans son ensemble. L'appréciation tient compte de la qualité de la langue, de l'originalité du sujet et de la façon de le traiter. Sont considérées les œuvres littéraires qui 1<sup>o</sup> sont dues à des auteurs résidant au Grand-Duché ou ayant la nationalité luxembourgeoise et résidant à l'étranger, 2<sup>o</sup> sont rédigées en luxembourgeois, français, allemand ou anglais, et 3<sup>o</sup> ont paru auprès d'une maison d'édition ou à compte d'auteur.

Le prix est décerné annuellement par la Fondation Servais, sur base du choix fait en toute indépendance par un jury d'experts. Le jury se compose de personnes qui ne sont pas membres du Conseil d'administration de la Fondation. Le jury prend sa décision en toute souveraineté dans le seul respect de la finalité du prix. Le prix est doté de 6.000 euros, montant qui peut être revu par le Conseil d'administration. Le prix est attribué à l'auteur de l'ouvrage. (Extrait du règlement de ce prix, 23.5.2018)

L'«Eloge» du panégyriste exposant l'intérêt particulier de l'ouvrage récompensé, le «Discours» du lauréat dévoilant ses vues très personnelles d'auteur-créateur ou de citoyen du monde, le «Message» du membre du Gouvernement ayant la Culture dans ses attributions annonçant ou commentant un aspect d'actualité de la politique littéraire, sont consignés dans les plaquettes commémoratives annuelles du Prix Servais.

La Fondation tient ces plaquettes gracieusement à la disposition des visiteurs de la Maison Servais.

Liste des récipiendaires du Prix de la Fondation Servais

- 1992 :** Roger MANDERSCHIED, « De Papagei um Käschtebam », Roman, Editions PHI
- 1993 :** Pol GREISCH, « Äddi Charel - Besuch - E Stéck Streisel », trilogie, Editions PHI
- 1994 :** Jean PORTANTE, « Mrs Haroy ou la mémoire de la baleine », roman, Editions PHI
- 1995 :** Joseph KOHNEN, « Königsberg – Beiträge zu einem besonderen Kapitel der deutschen Geistesgeschichte des 18. Jahrhunderts », ouvrage collectif, Peter Lange Europäischer Verlag der Wissenschaften, Frankfurt/M. (Prix spécial)
- 1996 :** Lex JACOBY, «Wasserzeichen », Erzählungen, Editions des Cahiers Luxembourgeois, Nic Weber Editeur
- 1997 :** Margret STECKEL, « Der Letzte vom Bayrischen Platz », Erzählung, Editions PHI
- 1998 :** José ENSCH, « Dans les Cages du Vent », poèmes, Editions PHI
- 1999 :** Jhemp HOSCHETT, « Perl oder Pica », Roman, Editions Schortgen
- 2000 :** Pol SCHMOETTEN, « Der Tag des Igels », Erzählung, Editions Saint-Paul
- 2001 :** Roland HARSCH, « Laub und Nadel », Federspiele, Editions de l'APESS
- 2002 :** Guy HELMINGER, « Rost », Kurzgeschichten, Editions PHI
- 2003 :** Jean SORRENTE, « Et donc tout un roman », roman, Editions PHI



- 2004 :** Claudine MUNO, « Frigo », Roman, Op der Lay
- 2005 :** Jean-Paul JACOBS, « Jenes Gedicht & Mit nichts », Gedichte, Editions PHI
- 2006 :** Guy REWENIG, « Passt die Maus ins Schneckenhaus ? hundert messerscharfe Fragen (und ebenso viele glasklare Antworten) », Kinder- und Jugendbuch, Editions ultimomondo
- 2007 :** Lambert SCHLECHTER, « Le Murmure du Monde », fragments, Editions Le Castor Astral (Bordeaux)
- 2008 :** Anise KOLTZ, « L'ailleurs des mots », poèmes, Editions Arfuyen (Paris-Orbey)
- 2009 :** Pol SAX, « U5 », Roman, Elfenbein Verlag (Berlin)
- 2010 :** Guy REWENIG (Tania Naskandy), « Sibiresch Eisebunn », Roman, Editions ultimomondo
- 2011 :** Jean KRIER, « Herzens Lust Spiele », Gedichte, poetenladen (Leipzig)
- 2012 :** Gilles ORTLIEB, « Tombeau des anges », récits, Editions Gallimard (Paris)
- 2013 :** Pol GREISCH, « De Monni aus Amerika », acht Kuerzgeschichten, Editions ultimomondo
- 2014 :** Nico HELMINGER, « Abrasch », recueil de poésie, Editions PHI
- 2015 :** Roland MEYER, « Roughmix », Roman, Op der Lay
- 2016 :** Jean PORTANTE, « L'Architecture des temps instables », roman, Editions PHI
- 2017 :** Nora WAGENER, « Larven », Kurze Geschichten, Hyde Editions

Mentions spéciales du Jury :

- 2001 :** « Laura », par Monique PHILIPPART  
(publié à compte d'auteur; distribution : Editions Saint-Paul)
- 2002 :** « Requiem für ein Kind. Trauer und Trost berühmter Eltern »,  
par Joseph GROBEN (Editions Dittrich, Cologne)
- 2014 :** « Sterbehäusle », par Michel CLEES et Tanja FRANK  
(Editions ultimomondo)

## 2. Le «Prix d'encouragement de la Fondation Servais»

Afin d'encourager des auteurs à procéder à la publication de leur premier ouvrage littéraire, le Conseil d'administration a créé en 1999-2000 le «PRIX D'ENCOURAGEMENT DE LA FONDATION SERVAIS».

Ce prix a pour finalité d'encourager les auteurs à procéder à la publication de leur premier ouvrage littéraire qui doit être inédit en vue d'être pris en considération. Cet ouvrage est considéré dans son ensemble, et l'appréciation tient compte de la qualité de la langue, de l'originalité du sujet et de la façon de le traiter. Le prix est réservé à des auteurs 1° qui s'expriment en luxembourgeois, français, allemand ou anglais, 2° qui résident au Luxembourg ou qui ont la nationalité luxembourgeoise et résident à l'étranger, et 3° qui n'ont pas encore publié d'ouvrage littéraire, ni au Grand-Duché ni à l'étranger. Les manuscrits sont à remettre en quatre exemplaires à la présidente du jury de la Fondation Servais (p.a. du Centre national de littérature, 2, rue Emmanuel Servais, L-7565 Mersch), pour le 31 décembre de l'année de référence. Le jury est chargé d'examiner les ouvrages reçus et apprécie souverainement s'il y a lieu de désigner un lauréat. Le prix est attribué à un seul ouvrage littéraire. Le prix est doté de 4.000 euros, montant qui sera versé à l'éditeur choisi par le lauréat, au moment de la publication. (Extrait du règlement de ce prix, 23.5.2018)

Liste des récipiendaires du Prix d'encouragement de la Fondation Servais :

- 2001 :** Isabelle KRONZ, «Hélène et les Max », roman, Editions des Cahiers Luxembourgeois, Nic Weber Editeur, 2002
- 2009 :** Hélène TYRTOFF, « Corps expéditionnaire », poésie, Editions PHI, 2011
- 2010 :** Nathalie RONVAUX, «Vignes et louves », recueil de poésie, Editions PHI, 2011
- 2016 :** Luc van den BOSSCHE, «Sangs», recueil de poésie (manuscrit)
- 2017 :** Anita GRETSCH, « L'œil grand fermé », roman (manuscrit)

# **Germaine GOETZINGER,** **Presidentin vun der Fondation Servais** **Et gesäit gutt aus fir d'Zukunft vun der Lëtzebuenger Literatur**

Här Staatssekretär,  
Dir Dammen an Hären Deputéiert,  
Här Reiland a Verriedung vun Mierscher Buergermeeschter,  
Här Direkter vun Centre national de littérature, léiwe Claude,  
Dir Dammen an Dir Hären,  
Léif Laureaten,

Häerzlech wëllkomm zur Iwwerreechung vun *Prix Servais 2017*, enger Feier, déi an der Reegel mat vill Freed a Genugtuung verbonnen ass. Dat fänkt un mam Ofschluss vun den Diskussiounen vun der Jury, wann e Konsens fonnt gouf, wien de Präis kréie soll. A wat gëtt et méi Schéines, wéi wann een als President oder Presidentin vun der Jury dem Laureat uruffen an him d'Resultat matdeele kann. Mee heiansdo geet et och schief. 1964 zum Beispill huet de Jean-Paul Sartre de Literaturnobelpreis ofgelehnt. Wéi hien dunn 7 Joer méi spéit an engem Bréif drëms gebieden huet, fir awer d'Geld – et huet sech deemools ëmmerhin ëm 250.000 Euro gehandelt – iwwerweisen ze kréien, war et ze spéit. Wann een sech nämlech net am Laf vun engem Joer d'Geld ausbezuele léisst, huet ee kee Recht méi drop. Et war verfall.

Och dëst Joer gouf et en etlech Problemer, wéi de Literaturnobelpreis un de Bob Dylan gong. Fir d'éischt ass keen un hie komm, fir him d'Resultat vun der Schwedescher Konscht-Akademie matzedeelen. Et huet du gutt zwou Woche gedauert, bis hie reagiert a matgedeelt huet, hie géif de Präis unhuelen a sech géiert fillen. Op d'Präisiwwerreechung op Stockholm kéim hien awer net. Dat haten och schon anerer gemaach, wéi d'Doris Lessing, d'Elfriede Jelinek oder den Harold Pinter. Fir awer an de Genoss vun dem Präisgeld ze kommen – an der Tëschenzäit 810.000 Euro – gesinn d'Statute vun dem Nobelpreis vir, dass de Laureat am Laf vun de nächste 6 Méint e Virtrag zu Stockholm hale misst iwwer e wichtegen Aspekt vu sengem Wierk. Den 1. Abrëll huet de Bob Dylan bei Geleeënheet vun enger Concertstournée de Präis dann zu Stockholm ofgeholl, an enger Zeremonie wou eenzeg an eleng d'Membere vun der Akademie präsent woren, an den 10. Juni 2017, um allerleschten Dibbelchen, huet hien seng Ried ofgeliwwert, déi hien eng Woch vir drun zu Los Angeles opgeholl hat. Dora schwätzt hien vu sengem Verhältnis zur Literatur a senger literarescher Virbillen.

Ween elo fäert, beim Servais-Preis hätt et och Komplikatiounen ginn, dee kann ech berouegen. Hei huet d'Presidentin vun der Jury, d'Jeanne Glesener, déi mat hirem Jury

eng super Aarbecht geleescht huet an e grouse Merci verdéngt, d'Laureaten sans problème erreecht a si hunn och direkt zougesot, fir de Präis an Empfang ze huelen, zu Miersch am CNL, wou mer wéi ëmmer op déi kompetent Hëllef vum Direkter a senger Mataarbechter ziele kënnen. Merci Claude an der Equipe vum CNL!

Besonesch awer freet mech dëst Joer, dass sech e Generatiounswiessel an der Lëtzebuenger Literatur ukënnegt. Et sinn zwou jonk Fraen, déi ausgezeechent ginn. Vill ze laang waren d'Fraen an der Lëtzebuenger Literatur ënnerrepresentéiert an de Servais-Präis giong an der Reegel un e gestanenen Auteur. E weidere Pluspunkt ass, dass mam Ian De Toffoli an dem Nathalie Ronvaux zwee weider jonk Leit d'Aufgab iwweholl hunn, eis d'Laureaten an hiert Wierk ze presentéieren. Och Hydre Editions, wou dem Nora Wagener säi Buch erauskomm ass, ass e Newcomer an huet de leschte Weekend säi 5. Gebuertsdag gefeiert. A fir d'Kiischt op de Kuch ze setzen, gëtt d'Laudatio fir d'Anita Gretsch vum Nathalie Ronvaux gehalen, selwer 2010 Laureatin vum *Prix d'encouragement* vun der *Fondation Servais*. Mir kënnen deemno berouegt sinn. Mat deeër neier Generatioun vu jonken Auteurs, Editeuren a Literaturkritiker gesäit et gutt aus fir d'Zukunft vun der Lëtzebuenger Literatur. Dofir meng beschte Gléckwënsch un d'Nora Wagener fir säi Kuerzgeschichteband *Larven* an un d'Anita Gretsch fir säi Romanmanuskript *L'Oeil grand fermé*, verbonne mat der Hoffnung, dass sech wéi deemools beim Nathalie Ronvaux e Verlag bereet erklärt, d'Buch erauszebréngen, sou wéi et der Philosophie vum *Prix d'encouragement* vun der *Fondation Servais* entsprécht.

An elo géif ech d'Laureaten an d'Presidentin vum Jury, d'Jeanne Glesener, op d'Bühn bidden, fir d'Begrënnung vum Jury an d'Remise vun de Präisser.



Madame Germaine Goetzinger, présidente de la Fondation Servais, entourée des deux lauréates au moment de la remise

Photo: Jean Meder



Madame Jeanne E. Glesener, présidente du Jury

Photo: Jean Meder

**Jeanne E. GLESENER,**  
**Présidente du Jury du Prix Servais**  
**Argumentaire du Jury**

« Der Band *Larven – Kurze Geschichten* von Nora Wagener wird mit dem Prix Servais 2017 ausgezeichnet. In den sechzehn Texten der Sammlung entwirft die Autorin variationsreiche Porträts von Individuen, die aufgrund ihrer Sensibilität an den Herausforderungen des Alltags und an der eigenen Orientierungslosigkeit scheitern. Die Jury hebt die Qualität der literarischen Sprache hervor, die sich durch eindrucksvolle Bildsicherheit und stilistische Vielfalt auszeichnet. Die poetische Gestaltung verleiht Nora Wageners Inventar unterschwelliger gesellschaftlicher und psychologischer Brutalität auf eindringliche Art und Weise Gehör. »

Le Prix d'encouragement de la Fondation Servais est attribué à Anita Gretsche pour le manuscrit du roman *L'Oeil grand fermé* dont « le jury récompense l'originalité et la qualité stylistique. »



Monsieur Guy Arendt, Secrétaire d'Etat à la Culture

Photo: Jean Meder



# Guy ARENDT,

## Kulturstaatssekretär

### Net nëmmen eng national Unerkennung

Madamm Wagener, Laureatin vum Prix Servais,  
Madamm Gretsche, Laureatin vum Prix d'Encouragement,  
Madamm Goetzinger, Presidentin vun der Fondation Servais,  
Madamm Glesener, Presidentin vum Jury Prix Servais,  
Här Conter,

Dir Dammen an Dir Hären,

Ech freeë mech, haut zesumme mat Iech zwou Laureatinne vum prestigéiese Servaispräis respektiv vum *Prix d'Encouragement* feieren ze kënnen.

D'Nora Wagener ass eng jonk Schrëftstellerin, déi an eiser Literaturlandschaft schonn net méi ewechzedenken ass. D'Auszeechnung, déi si fir den Erzielband *Larven* kritt, ass de Beweis dofir, dass si op bemierkenswäert Aart a Weis zum Räichtum vun eiser Literaturlandschaft bäidréit. Schon am Joer 2012 sinn zwou Geschichten aus *Larven* priméiert ginn: *Der Sonntagspreis* krut den éischte Präis vum *Concours littéraire national* an der Kategorie „Jonk Auteuren“ an *Schwester Tier* krut den *Hans-Bernhard-Schiff-Literaturpreis*. Eng weider Unerkennung gouf et rezent fir hir Kuerzgeschicht *Dann hättest du auch Larven*, déi dësen Hierscht vum amerikanesche Verlag *Dalkey Archiv Press* an der Anthologie *European Fiction* op Englesch publizéiert gëtt. D'Unerkennung vun dësem remarkabelen Erzielband ass also net nëmmen national, mee och international.

Den Erzielband *Larven* thematiséiert op originell, poetesch an diversifiéiert Aart a Weis gescheitert Bezéiungen tëschent Geschwëster, Frënn, Elteren a Kanner oder tëschent Mann a Fra. Et gi Froen opgeworf iwwe d'Liewen am 21. Joerhonnert an déi 16 Erzielungen am Buch sinn dowéinst e Spigel vun eiser Gesellschaft. De Lieser kritt mol en humorvollen, mol en ironeschen, awer och e schwaarzen, verzweiwelten Abléck an d'Liewe vu Mënschen, déi Schwieregkeeten hunn den Alldag ze meeschten, an déi mat déiwen ënnere Konflikter ze kämpfen hunn: Weltfremheet, Erwuesseginn, Elengsinn an Angscht, mee och den Alter, den Doud a Krankheet ginn hei an Zeen gesat.

Wat un dësem Wierk esou besonnesch ass a wat souwuel vun der Jury wéi och vun de Literaturkritiker ënnerstrach gouf, ass ganz bestëmmt déi usprochsvoll a billerräich Sprooch souwéi déi stilistesche Vielfalt, wou all Detail de Lieser interpelléiert.

Et muss een hei och nach ervirhiewen, dass déi jonk Nora Wagener sech scho bal an all de Genrë bewisen huet: e Kannerbuch, e Roman, en Theaterstück – an elo mat *Larven*, hirem zweeten Erzielband. Dat ass wierklech e bemierkenswäerte Parcours. Schonn als Jugendlech huet d’Nora Wagener annoncéiert, Schrëftstellerin wëllen ze ginn, a si huet dat och konsequent duerchgezunn. Si ass iwwregens den Ament den eenzegen Auteur hei am Land, deen als “*artiste professionnel indépendant*” ugemellt ass.

Am Ausstellungskatalog fir den 20. Jubiläum vum CNL, ënnert dem Titel *Korrekturspuren*, erkläert si, wéi Wierker entstinn a wéi de Schreifprozess ausgesäit. Entgéint der allgemenger Meenung setzt sech en talentéierten Auteur net dohin a schreift seng Texter an engem Zuch. Et ass e laange Prozess, wou Schreif- a Korrekturvorgang net vuneneen ze ënnerscheede sinn. D’Nora Wagener benotzt dofir den Neologismus “*schreibieren*”, d.h. eng Zesummesetzung aus de Verben „*schreiben*“ an „*korrigieren*“. An der Emissioun ARTI-Chock vum 24. Oktober 2013 um Radio 100,7 erkläert si, dass een als Schrëftstellerin immens vill Gedold muss hunn, net nëmme wat de Schreifprozess, mee och wat d’Vermëttlung vum fäerdege Wierk ugeet: “*Also do muss ee Gedold hu mat sech selwer, mat den Texter, och mat de Figuren, déi een huet, an da muss ee virun allem Gedold hunn, wann ee wëll Texter no bausse bréngen. Dat heescht Verleeg fannen, Plaz fannen, wou een Texter kann ënnerbréngen, Gedold hunn, dass alles immens lues geet, wierklech Zentimeter fir Zentimeter kënn ee vun der Plaz [...]*”.

Als Kulturministère si mir frou, sou eng talentéiert Schrëftstellerin sou wäit wéi méiglech kënnen ze ënnerstëtzen. Et freet mech dofir ze gesinn, dass Collaboratiounen, déi mat auslännesche Festivalen oder Editiounshaiser mam Kulturministère lancéiert goufen, elo hir Früchten droen. Sou ass d’Nora Wagener dësen Hierscht op eng Residenz zu Vilenica a Slowenien ageluede ginn, wou d’Lëtzebuurger Literatur 2014 mat enger Anthologie ënnert dem Numm *Hällewull* gééiert gouf. Weiderhi wäert de Kulturministère déi nächst Jore mam amerikanesche Verlag *Dalkey Archive Press* collaboréieren, fir eng Anthologie vu Lëtzebuurger Autoren ze publizéieren, wou och d’Wierk vum Nora Wagener publizéiert wäert ginn. Ech sinn iwwerzeegt, dass dës Projeten d’Auteurin iwwer eis Grenzen eraus nach méi bekannt wäerte maachen an ech wëll op dëser Plaz der Nora Wagener meng häerzlech Gléckwënsch a mäin éierleche Respekt ausdrécken an hir e weidere räiche Parcours wënschen.

Elo wëll ech awer och der Anita Gretsch fir de *Prix d'Encouragement* felicitéieren. Si ass och scho keen onbekannten Numm méi an der Lëtzebuurger Literaturzeen, och wa si zu Paräis leeft a schafft. Si hëlt regelméisseg u Liesungen hei zu Lëtzebuerg deel, co-organiséiert d'Liesungen *Wörd in progress*, huet eng Rubrik an der Bäilag *Kulturissimo* vum Tageblatt ënnert dem Numm *Copulation littéraire* an huet och bei den Editions Hyde publizéiert. Ech hoffen, hiert ausgezeechent Manuskript *L'Œil grand fermé* gëtt geschwë publizéiert, fir et dem Public zougängelech ze maachen.

Zum Schluss soen ech der *Fondation Servais* e grouse Merci, déi dëse wichtege Präis all Joer organiséiert, an natierlech och dem Jury, deen déi passionnant, awer och schwiereg Aufgab huet, all Joer dat signifikantste Buch erauszesichen.



Ian De Toffoli

Photo: Jean Meder

# Ian DE TOFFOLI

**Déi wichtegst Fro, déi sech fir mech an der Literatur stellt ass déi: wéi ass dat do gemaach?**

**Laudatio fir dem Nora Wagener säi Servais-Präis**

Mäi léift Nora,

Mee awer och :

Léift Germaine Goetzinger, Presidentin vun der Fondation Servais

Léift Jeanne Glesener, Presidentin vun der Jury vum Prix Servais

Léiwen Här Arendt, Staatssekretär vun der Kultur,

An och, wéi Leschtgenannten ëmmer seet, léif Frënn vun der Lëtzebuerger Literatur,

ech muss zouginn, datt ech liicht hesitéiert hunn, wéi ech gefrot gouf, elo hei an haut virun Iech ze stoen. Mir wëssen all, wéi schnell et op eemol heescht, „Oh den De Toffoli, deen huet dach dat Buch och erausbruecht, elo mécht en natierlech just Reklamm dofir, dat ass einfach“. Mee mir wëssen anerersäits natierlech och, wéi schnell et an eise literaresche Mikrokosmos zu Jalousië kënnst, zu klenge Reiwe-reien, datt ee kaum e Schrëtt hei am Land maache kann, ouni engem aneren op seng gëlle Féiss ze trëppelen, an datt ee meeschtens nach duerch d’Blumm suggeréiert kritt, am beschten dach näischt ze maachen, da géif engem och näischt geschéien an et géif ee kengem Onrecht doen.

Ech duecht mer, wann dat sou ass, da maachen ech elo de komplette Contraire, ech dinn elo – wéi ee seet – all d’Kafen anengems un, déi mer zur Verfügung stinn, fir Iech iwwert d’Buch *Larven* eppes z’erzielen, ëmmerhin, sou huet d’Schrëftstellerin selwer zu mer an enger Email gesot, kenns du d’Buch jo am beschten. Ech si mer zwar net sécher op dat sou stëmmt, duecht ech dee Moment, mee schlussendlech hunn ech fonnt, dach, sou falsch ass dat net, ëmmerhin kann ech hei lo souwuel Perséinlech, Textanalytesch an Editorielles bont matenee vermëschen.

Zum Beispill kann ech Iech vum Buch selwer schwätzen. Ech kann Iech vun deem schwéiere Moment schwätzen, dee mer d’läsch Joer am Oktober haten, fir d’Liesung déi d’Nora Wagener zesumme mam Valerie Fritsch hat, hei am CNL, a fir déi d’Buch *Larven* u sech sollt erschéngen, wat awer schlussendlech net geklappt huet. A wësst Dir firwat: net well mer getrëntelt hunn, also, loosse mer soen, net onbedéngt well mer getrëntelt hunn, mee well mer hu missten eist Banneformat, eise Layout, eis Maquette änneren, well dem Nora seng Däitsch Prosa dat Format, dat mer fir *Retrouvailles* vum Jeff Schinker an d’*Ballade de Lucienne Jourdain* vum Tullio Forgiani haten, einfach gesprengt huet. D’Sprooch huet net méi eragepasst. D’Zeilen

hunn net gutt ausgesinn: ze enk gesat, e bëssen zerdréckt souguer. Mir hunn d’Buch missten ganz nei sëtze loossen, méi breet, ech hunn déi Decisioun um hallwer zwou an der Nuecht geholl, puer Stonne virum geplangten Drock.

Mee ech sprangen elo nach emol e Stéck no hannen an der Zäit, an erzielen eng Anekdot déi erkläert, wéi mer iwwerhaapt zur Decisioun koumen deen Text ze verëffentlechen: wéi ech deemools dem Pitt Simon d’«Schwester-Tier-Geschichte» ze liese ginn hunn – stellt Iech vir, et wor e waarme Summerdag, hie louch dobaussen am Gaart, an der Hängematt, ech war dobannen am Salon amgang puer E-mailen ze beäntwerten – koom hien op emol eran, mam Text am Grapp, ass laanscht mech gaangen, huet sech un den Dësch gesat a sot: „Putain, ech muss mech zwar konzentrière bei deem Text. Do mierkt een op emol erëm firwat een e Gehir huet.“

Mir haten also en Ensembl vu kuerze Geschichten vum Nora Wagener als groust Manuskript virleien, et waren der méi wéi der lo schlussendlech am Buch sinn. Et war mer kloer, datt dës Texter exigent Literatur wäeren – a wann et eppes ass, wat Hydre ausmécht, dann ass et dee Wëllen, Texter ze verëffentlechen, déi eng richtig Erausforderung fir de Lieser sinn, mat enger Sprooch déi hypnotiséiert, well den Auteur Wäert op hier Plastizitéit leet, wéi an dem Text „Im Herbst eine Liebe“, deen am Fong e laange Monolog ass an aus just engem eenzege staark asyndetesch rhythméierte Saz besteet:

*“Im Park quer über die Wiese, über faules Blattwerk, schnell sind meine Schuhe feucht, mein ewiges Misstrauen gegenüber Wegen, deswegen ab durch die Mitte, wo keine Bäume stehen, sondern Menschen, genauer, ein Vater und ein Kind, bin so voller Vorfreude auf meine Wohnung und zielstrebig, doch als ich näher komme, immer näher an die beiden, passiert etwas Wunderliches, ein plötzlicher Gedankensturz, ich bin mir sicher, die warten auf mich, ich bin die Dritte im Bunde, die Mutter, die Frau, habe meinen Platz auf dieser Welt gefunden zwischen diesen Leuten, die jetzt all meine Hoffnung sind, mein Zuhause und ich laufe etwas schneller, aber niemand freut sich über mein Kommen, meinerseits Enttäuschung, warum sind das nur Fremde, wo sind denn meine Kinder, wo ist meine Liebe, ich gehe an ihnen vorbei, immer weiter, weiter in mein eigenes Leben, und habe das rasante Gefühl kleiner zu werden, mit jedem Schritt verkürzen sich meine Beine, [...]”*

Eng Sprooch mat komplexe Biller an „irisierend“<sup>2</sup> Metapheren, déi een net gewinnt ass sou ze liesen. Hei just zwee kuerz Beispiller, dat éischt aus der Geschicht „Bis dann Marianne“, wou ech mech perséinlech immens staark mam verkuerbelte Personage Leonard identifizieren, deen ëmmer op seng Frëndin am falsche Park waart an iwverfuert ass, wann e muss sech fir eng Zort Glace entscheiden (ech huelen iwwregens ëmmer Vanill, schonn ier mech de Glacemännche freet, sou ginn ech dem Choix aus dem Wee):

1 Nora Wagener, *Larven*, S. 121.

2 Jérôme Jaminet, „Nora Wagener. Larven“, *Büchermagazin*, 2, 2017, S. 28.

“Das Büdchen im Park ist ihr nachmittäglicher Treffpunkt. Wer zuerst kommt, bestellt das Eis und wartet. Leonard hat sich angewöhnt, zu spät zu kommen – dann hält Marianne immer schon einen Becher in der Hand mit den besten Sorten, die man sich vorstellen kann. Sie gehört jener Sorte Frau an, die macht, dass einem die Augen fast aus dem Kopf fallen. Aus Angst sie könnten tatsächlich hinausfallen und all den Unrat dahinter freilegen, schließt er sie immer, wenn ihre Münder sich berühren.”<sup>3</sup>

Oder aus „Kein Fuß der Welt“:

“Eines Tages ging Leonie durch den Schnee. Ich glaube, es war Winter. Oder Regen und Herbst. Auf jeden Fall fielen Teilchen aus dem Himmel, fielen auf ihre Haare und funkelten unter dem Licht der Laterne, an der ich stand, als sie an mir vorbei ging. Ich konnte beobachten, wie das Leiden auf sie zukam, weil sie immerzu mit Wanderschuhen darauf zulief. Ich stand derweilen unter Glühbirnen und wechselte die Mützen, weil Schnee oder Regen durchsickerten und die kahlen Stellen an meinem Kopf auskühlten. So zogen Wochen wie Wetterfronten über uns hinweg – ohne Besserung.”<sup>4</sup>

A *Larven* léisst sech de Stil sou analyséieren: en Alternéieren téscht haardem an doucem Rhythmus, téscht ongemittlechen, jo bal beonrouegende Staccato-Sätz, déi engem säin Häerz eng Kéier anescht klappen dinn, a wonnerbar falende Clausulen, téscht periodesche Konstruktiounen, laang Sätz fir laang Iwwerleeungen, oder zerhackte Segmenter, fragmentéiert Fatze fir fragmentéiert Gedanken, déi ee selwer au fur et à mesure vun der Lecture muss zesummebaue wéi e Puzzle: wéi an der Geschicht „Vergessen ist nirgends“, wou de Personnage ee sou e groussen Deuil a sech dréit, datt e mol net méi d’Knäpp u sengem Mantel fénnt fir sech auszudoen, Deuil, dee mer dann, mat Hëllef vun enger Technik, déi dem analyteschen Drama änelt, wou d’Katastroph scho geschitt ass, wann d’Geschicht ugeet, während dem Text retrospektiv nach emol lues a lues ausgerullt kréien.

Et si Biller an eng Syntax, also, déi ee muss entschlüsselen. De Samuel Hamen sot a sengem Artikel, dem Nora seng Sprooch wär „eine so schräge wie präzise Sprache“<sup>5</sup>, dat trëfft et natierlech och. Fir mech mécht sou eng Literatur Freed, well se och eppes vu mir verlaangt, méi wéi just e Konsument ze sinn, mee en aktiven zer-hackte Deel vun der Konstruktioun vum Sënn, fir et mam Barthes sengem *Plaisir du texte* ze soen. Et geet drëms ze mierken, wéi d’Sprooch zur Matière gëtt, wéi Plastilinn eben, et geet drëms eng Poesie (am algrüichesche Sënn, dat „Gemaacht“) als Lieser matzëerliwien. Déi wichtegst Fro, déi sech fir mech an der Literatur stellt ass déi: wéi ass dat do gemaach?

3 Nora Wagener, *Larven*, S. 24.

4 *Ibid.*, S. 61.

5 Samuel Hamen, “La résistance sentimentale”, *Journal*, 1. Dezember 2016, S. 16.

Dofir steet Hyde Editions, dat ass ons Signature – sou sot d’Dominique Millet, meng Directrice de Thèse op der Sorbonne: ech däerft ni vergiessen, datt en Editiounshaus ëmmer och eng Signature wär –, fir Texter vun Auteurs, déi eng Sprooch maniéieren (fir e franséischt Wuert ze benotzen), also handhaben (fir dat däitscht ze benotzen), sou wéi een e Säbel maniéiert oder handhapt. Déi antik Rhetoriker hunn ëmmer dovu geschwat, datt een eng Sprooch beherrschen, asetzen an och trainéiere soll wéi eng Waff. Se schläife wéi e Schwäert, se schéisse wéi eng Lanz.

Op där anerer Säit – mee déi zwou Saache ginn natierlech Hand an Hand – zeeche sech dem Nora Wagener seng Texter duerch déi ganz onverkennbar Figuren aus, Personnage wéi den Emil aus „Sonntagsgreis“, oder de jonken Oswald, aus „Mit Gott und einer Fichte reden“, dee mat sengem Chrëschtbam schwätzt. Wann ee probéiere soll se z’ëmfaassen: et si grouss Figure vun der Einsamkeet, der Melancholie, der Konfusioun, der Vulnerabilitéit, heiansdo Marginaliséierter, heiansdo just déi Zort Personnage, déi Schwieregkeeten huet an eppes e Sënn ze gesinn, Schwieregkeeten bei enger Saach oder Persoun genuch Gewiicht ze fannen, fir datt et derwäert ass sech mat hir ze beschäftegen, Schwieregkeeten sech an enger Welt erëmfannen, géint déi se ni „gewappnet“ sinn, déi se ëmmer iwverfuert. Et ass eng touchant Aart a Weis „net eens ze ginn“, wéi een haut op Lëtzebuergescher Ëmgangssprooch seet, déi des Figure charakteriséiert.

Kee Wonner, datt den Emil aus dem „Sonntagsgreis“ zwee Deeg laang mat der Mask vun engem ale Mann duerch seng Wunneng leeft, déi him seng Matbewunnerin, eng Maskebildnerin, dat ëmmer um Emil übt, iwvergezunn huet. Hie fillt sech al. Mat der Mask fillt hien sech am Fong mol eng Kéier normal. Wéi wann en endlech emol Distanz zu de Saache, zu sech selwer, gewanne kéint. Bis hien zum Schluss awer zesummebrécht.

Oder wéi déi eng Schwëster zu der anerer seet, am Text „Schwester-Tier-Geschichte“, deen den Hans-Bernhard-Schiff-Literaturpräis vu Saarbrécke krut: wat si auszeechent ass e „Seelenkrampf“. An dat ass et. D’Personnagen aus *Larven* probéieren ëmmer erëm, op en neits, d’Liewen z’affrontéieren, sech selwer och, a scheitern dann drun, mee meeschtens esouguer net ouni e gewësse Sënn fir Humor (contrairement zu wat een oft iwvert d’Buch liese konnt, an zwar et kéimen dodra just trübséileg Kauze vir) fir hir eegen absurd Situatioun. Mee dee Krampf zeechent se aus.

Mir haten also dat Manuskript do leien, wéi scho gesot – an dann halen ech mat der Textanalys op a wende mech erëm dem Buch zou, mat senger Billergewalt, mat senger exzentrescher Sprooch, mee awer och ongeschlaff (Dir kennt déi üblech Diamantemetafer, déi ech hei benotzen) an dunn hu mer eppes gemaach, wat an der Lëtzebuurger Editiounswelt, zumindest där literarescher, net oft genuch ge-



maach gött, mir hunn eng Lektorin agehallt, déi während bal 5 Méint, mol méi mol manner intensiv, zesumme mam Nora Wagener, déi Geschichten eng no der anerer duerchgaangen ass, op der Sich no Tournuren, déi vläicht ze vill kryptesch waren, no Sätz déi net opgaange sinn, no Metapheren, wou Comparé a Comparant vläicht ze wäit ausernee louchen oder einfach just no Feeler.

Dat heescht d'Produktioun vu *Larven* war eng laangwiereg Aarbecht. Wéi bei all guddem literareschem Wierk, ass et vu Säite vum Editeur net drëms gaangen, dat schnell erauszebréngen, wéi et hei am Land heiansdo virkënnt. Verschidde vun deene Geschichten aus deem haut mam Servais-Präis gekréinte Buch si viru bal 5 Joer geschriwwen ginn.

Ech sinn dofir och haut den Owend frou, jo houfreg op dese Präis, houfreg op Dech Nora, op Deng Prosa an Deng Geschichten déi, wéi d'Nathalie Bender sot, „aus dem Alldag erausfalen“<sup>6</sup>, awer och op Deng Gedold an op ons Zesummenaarbecht, déi haut hei belount gött. Et mécht mer eng grouss Freed ze gesinn, dass an deem Land d'Literatur net just de Satiren an dem Kabaret, der mol exuberanter, mol minimalistescher Lyrik, de Mordfall am Uelzechtall an deenen am Rollingergrund, de bossege Geschichten aus der Nokrichszäit oder dem Superjhemp iwverlooss gött – a verstitt mech elo net falsch, ech mengen net onbedéngt, dass déi grad genannte Genre keen Usproch op de Label Literatur hunn.

Weess de wat, Nora, ech si souguer frou, dass De et dese Mount an d'Bestsellerlëscht gepackt hues, nieft der üblecher Häpperchersliteratur, déi do ëmmer trount, wat, ech kann et jo elo hei zouginn, gréisstendeels meng Schold ass: verkuerbelt wéi deng Personnage, wéi ech sinn, kafen ech mer all zweeten Dag beim Ernster eng Partie Smartbicher, mee verléieren se dann iergendzwoosch, verschenken se u meng Studenten, oder verwiesselen se mat Béierdeckelen, a muss mer se dann ëmmer direkt nach emol kafen. Ech mengen dem Nico Helminger säi *Flakka* – eng grandios kleng Erzielung, iwwegens, ech wéilt mir hätten déi erausbruecht – hunn ech méttlerweil 27 mol kaf.

Mee obwuel mer lo all verstanen hunn, dass Deng Geschichte Bestseller-Material sinn (a spéitstens säit dem Daniel Kehlmann weess wierklech all Mënsch, dass gutt Literatur dat och ka sinn), ass et meng Aufgab hei ze soen: et si keng einfach Texter, keng platt Texter, fir ofzeschalten, et sinn Texter fir ze genéissen, sou wéi ee Konscht genéisst, sou wéi een défiguréiert Biller vum Picasso oder vum Francis Bacon genéisst, oder polyrhythmesch Lidder vun enger Band wéi Radiohead. Mat deenen Texter schalt een net of, wéi mat den habituelle Bestsellertexter, am Géigendeel, do schalt ee sech éischter un. Dofir sinn se sou gutt.

---

6 Nathalie Bender: <https://www.100komma7.lu/program/episode/133262/201611021235-201611021241>. (Opgeruff de 7. Februar 2018).

A lo, mäi léift Nora, bleift mer näischt anescht méi iwwreg wéi Der nach emol ze felicitéieren fir de Servais-Präis vun der Literatur, deens Du iwwregens als fënneft Autorin an als zweetjéngste Laureat iwwerhaapt empfänks.

An Iech all, Merci fir Äer Opmierksamkeet.



Nora Wagener en train de dédicacer son livre

Photo: Jean Meder

# Nora WAGENER

**Kären, Kaddoen a rout Bäckelcher**

**Ried fir de Servais-Präis, de 4. Juli 2017**

Als Schrëftsteller huet een (noutgedrongenerweis) Kontakt mat sengem Editeur. Mailen, Telefon, Treffen. De Ian weess dohier, datt ech, souwuel am Literareschen ewéi am Privaten, éischer e Mënsch vun de wéinege Wieder sinn, a versteet, wann ech ganz zesummeffaassend „Merci“ soen.

E weidere Merci geet ob dëser Plaz un d'Fondatioun an un de Jury, dee mam Servais-Präis net nëmmen all Joers e Buch priméiert, mä och en Auteur auszeechent, an doduerch, wat immens wichteg ass, eng aktiv Fërderung bedreift. Obwuel ech kee Fan vu Formele sinn: Et ass wierklech eng Eier zu deem Kanon vu Schrëftsteller ze gehéieren, deen dëse Präis zënter 1992 kritt huet. E puer vun hinne sinn den Owend hei, grad ewéi eng Rëtsch aner Auteuren, déi en an de nächste Jore kréie wäerten.

E ganz besonnesche Merci geet och un d'Valérie Schreiner, deem d'Lektorat fir dëst Buch uvertraut gouf. Et huet vill Gedold, a Literatur-Verständnis bewisen, a grad sou eng Begeeschterung awer och Pedanterie fir d'Sprooch un den Dag geluecht, ewéi dat heiten.

Merci der Equipe vum CNL, all deene Leit, déi fir dës Geleeënheet ob der Bühn d'Wuert ergraff hunn oder nach ergräifen, Merci dem Marie an dem Här Mangel, mengen Elteren, menger Groussmamm, a jidderengem, deen haut hei ass, fir mat eis ze feieren. A Felicitatioun dem Claire fir säi Prix d'Encouragement.

Ier et weider geet, e kuerze Video-Bäitrag mam bekannte Politiker a Rhetoriker Karl-Heinz Stiegler, och bekannt als Lorient, un deen ech während der Preparatioun fir dësen Owend oft hu missen denken.

<https://www.youtube.com/watch?v=Sgn0dWnffx4> (00:35 – 01:35)

Wéi ech bis bekäppt hat, dat ech de Servais-Präis gewonn hunn, hunn ech mech ewéi e Kichelche gefreet. Net wéi sou ee klengen, deen ee mam Kaffi zerwéiert kritt, mä éischer wéi en immens grouss Kichelchen. Ech hu mech am Endeffekt wéi e Kuch gefreet, ier ech ob de Gedanke kouw: Merde, lo muss de eng Ried halen.

U sech wollt ech dunn dësen Deel ganz offiziell ufänken, mech nachmol riicht stellen, riets a léns an de Sall kucken a soen: „Léif Banannen, léif Kären – léiwe Jury ech hunn dech gären.“ Mä wat d'Komik ubelaangt hunn ech du léiwer een anere virgeschéckt.

Vu datt dëst meng éischt Ried ass, an ech gäre preparéiert sinn, hunn ech mer am Virfeld d`Riede vun deene leschte Joren ugekuckt, a bestätegt fonnt, dat vill Auteurs keen extraen Don dofir hunn. Wat se eigentlech sympathesch mécht. An der Ried läit méi een distanzéierten, gläichzäiteg brachiale Gest, wéi am literareschen Text, dee sech engem ubitt, ouni sech opzedrücken. Fir ze weise wéi blöd een dann hei steet, obschonn et natierlech wichteg ass, zitëieren ech kuerz aus de Riede vum Anise Koltz, Pol Greisch a Jean-Paul Jacobs: „Dès que je prononce une phrase, j`ai déjà envie de la rejeter pour dire dans la suivante le contraire.“ „Deen ee seet esou, deen aner anescht.“ „Was soll ich jetzt sagen? Was würden Sie sagen? [...] Mutti, ich bin erquickt und ergötzt.“

Jo, *erquickt und ergötzt*, a mat roud Bäckelcher. Iwwert déi eegen Texter, déi eege Poetik wëllen ze schwätzen, ass wahrscheinlech wéi iwwer seng eege Kanner schwätzen. Et weess ee vill, et ass gutt gemengt, mä ob et sou wierklech stëmmt ass eng aner Fro. De Noper, de Schoulmeeschter an esou weider, déi aner Mammen ob der Literatur-Spillplaz, géinge bestëmmt eppes ganz anescht iwwert dat Kand soen. Am beschte schwätzt et ëmmer nach fir sech selwer. Den Auteur wëll jo och, ob eng gewësse Manéier, hannert senge Wieder verschwannen, sech verstoppen, zur gläicher Zäit fir ëmmer – wéi laang dat och ëmmer wäert sinn – seng Spueren hannerloossen. Hien ass grad ewéi all déi aner, e gespaltene Mënsch. Just beim Auteur gëtt dëst méi dacks zum Thema. A senge Bicher schaaft en eege Welten a Figuren, gëtt ënnert den Ae vu senge Lieser an der Ëffentlechkeet selwer zu enger Figur, an ass niewebäi wéi Jänni a Männi. Ouni säi literaresche Schutz ob eng Bühn gestallt, schwätzt en ob eemol vu Lieser an Auteurs, amplaz vu sech, a nennt seng Bicher eegestänneg, personifizéiert se. Seng Kanner. An dësem Fall Larven. – dat ass awer e grujelegen Titel, an déi Geschichten, déi si jo och e bësse komesch, also, louch – dat hunn ech, nieft villem Luef, méi wéi eng Kéier héieren. Ech fanne jo d`Liewen ass komesch an zimlech louch, an den Titel „Larven“ passt scho ganz gutt –

D`Personnage wiesselen, oder probéieren optmanst, vun deem enge Stadium an deem nächsten ze wiesselen, déi eng méi lues, déi aner méi séier. Si ginn, souguer wann se en Ament ob der Plaz trëppelen, dem Laf vun der / oder hirer Natur no. Heiansdo kënnst e Päiperlek dobäi eraus, heiansdo e Parasit, heiansdo eppes dotëscht – hänkt dovun of, wéi een et liest.

Bicher sinn net do, fir an der Bibliothék gutt auszegesinn oder an der Librairie dee schéinen Hannergrond fir déi kitscheg Kaddoe fir bei der Keess ze sinn, mä selbsterständlech fir gelies ze ginn. An deem Sënn ass och de Literaturbetrieb wichteg: Auszeechnungen ewéi dës, gutt encadréiert Veranstaltungen, fundéiert Literaturkritik, fir de Leit an der Onmass vu Bicher, déi och well zu Lëtzebuerg all Joers erauskommen, eng Upak ze ginn, wéi eng Wierker et sech loune kéint ze entdecken.

Wann nämlech eppes zu deene schmocke Saachen ob dëser Welt gehéiert, dann d`Literatur. An et muss een zouginn: d`Musek. No all deene Jore Liesen sinn ech nach ëmmer begeeschtert, datt ee fir esou wéineg Suen – e Buch kascht jo am Verglach zu deem Wäert, deen et kann hunn, näischt – esou e grouse Kaddo kritt. Begeeschtert, datt et Leit gëtt, déi ee groussen Deel vun hirem Liewen dorops verwennen, iwwer Saachen nozedenken, déi ronderëm eis passéieren, all Dag an esou séier, datt déi mannsten Zäit hunn, dat sacken ze loossen, ze reflektéieren, an datt si herno Wieder dofir fannen, a mat Geschéck a Rou hire Geschichten eng Form ginn an eng Poesie verschafen. All Buch ass fir mech, ob am Positiven oder am Negativen, souwuel literaresch ewéi privat eng Beräicherung. An ech hoffen natierlech, datt ech genee dat fir aner Leit leeschte kann.

Zum Schluss eng kleng Bemierkung:

Deen nammlechten Dag, un deem se ugeruff hunn, fir ze soen, datt ech de Präis gewonnen hätt, ass meng Schreifdëscluucht ukomm. Ech hat bis dohi keng. Wat dat wuel ze bedeuten huet?

Ganz zum Schluss dann e kuerzen Extrait aus dem priméierte Buch, aus der Geschicht « Kein Fuß der Welt »:

